



GEMENG MÄERZEG

mat der
Buergermeeschter- a
Schäfferotserklärung
2018-2023

01/2018

MARTIACO de Mäerzeger Buet

November 2017 - Mäerz 2018

3. Editorial
4. Vereedegung vum Buergermeeschter an de Schäffen
5. Vereedegung vun de Gemengeconseilleren
7. Le nouveau collège des bourgmestre et échevins
8. Le nouveau conseil communal
10. Buergermeeschter- a Schäfferotserklärung vun der Gemeng Mäerzeg fir d'Mandature 2018-2023
19. Déclaration du collège des bourgmestre et échevins de la commune de Mertzig pour la mandature 2018-2023
28. Receptioun „aalen Gemengerot“
30. SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 5 DÉCEMBRE 2017
32. SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 29 JANVIER 2018
37. Collecte des déchets verts / Asammele vum Gréngschnatt
38. Annuaire de la commune
40. Pacs et mariages
44. Neijooschreceptioun
48. FAIRTRADE
52. Op der Schock Asbl – Crèche kiddies
53. All Pabeier op seng Plaz / Chaque papier à sa place
54. Offalkalenner 2018 / Calendrier des déchets 2018
56. Crèche „Bei den Turelcher“
57. Youth4Work – oekotopten
58. Mäerzeger Musek: Wanterconcert
60. Seniorenfeier
61. Mäerzeger Musek: Schülerauditioun
62. Fraen a Mammen Feelen-Mäerzeg: Scheckiwwerreechung
63. Beiebam um Mäerzeger Themewee
64. Chorale Municipale Lyra Ettelbréck & Chorale Sainte Cécile Mäerzeg: Gala-Concert
65. Dammenturnclub Mäerzeg: Scheckiwwerreechung
66. SICONA: Neue Obstbäume für Mertzig

neien
Offalkalenner
2018


67. SICONA: Plantation de nouveaux arbres fruitiers à Mertzig
68. Kleeschen
70. Liichtmëssdag
71. Pompjeeën & Club des Jeunes vu Mäerzeg: Äddi Wanter!
72. LGS – Lëtzebuerger Guiden a Scouten
73. D'Kanner aus der Mäerzeger Schoul iwwerreechen e Scheck fir d'„Kannerduerf Lëtzebuerg“
74. Nordstadjugend Asbl
76. Mäerzeger Musek: Eierungen
77. Turelbaacher Senioren: Dag vum 3. Alter
78. Mäerzeger Pompjeeën: E kleng Bilan vum First Responder Service
80. De Landwirtschaftsministère am Déngscht vun de Gemengen
83. D'Säitert zu Groussbus a Mäerzeg
88. Fédération régionale des corps de Sapeurs-Pompiers région Nord: Delegierterversammlung
90. Gaart an Heem Mäerzeg: Regionalkongress
91. Atert-Lycée Réiden – Internat: Tag der offenen Tür in der Schule und im Internat
92. Net esou! Décharge et dépôt illicites de déchets, d'ordures, de pneus, de matériaux, etc.
94. Bummelbus
95. Chantiers
98. Führungen und Aktivitäten der Naturverwaltung 2018
Klimaconcours fir Veräiner
100. Adapto
103. Apprendre le portugais à Mertzig? C'est possible!
104. AGENDA
106. Mäerzeger Musek : Good Vibes, Gala-Concert
107. Marche gourmande

Bulletin no 01/2018 sous la responsabilité du collège échevinal

Photos: Pierre Levy, Sergio Bandejas, Fränk Henkes, Charel Reiser, Raym Brausch, Jean Weiler, Guy Conter, Jacques Biver, Michel Collette, Gemeng Mäerzeg

Layout: Marc Goergen - GOWE s.à r.l.

Impression: Basicprint Lëtzebuerg / 100% Altpapier & klimaneutral





Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Dir haalt déi 1. Editioun vun eisem “MARTIACO – de Mäerzeger Buet” an der Hand! Am Joer 842 war „Martiaco“ den offiziellen Numm vun eiser Gemeng. Bei eisem Sondage huet „Martiaco“ nieft aneren interessanten Proposen de Match gemaach. Merci fir d’Matmaachen!

Mir hunn eis vill Méi gemaach an hoffen dass iech d’Resultat vun dëser 1. Editioun gefält. Eist Zil ass esou komplett wéi méiglech iech iwwert d’politesch Aktualitéit an d’Liewen an Ärer Gemeng ze informéieren. Parallel zum Buet ass och dee neien Internetsite an der Maach wou mir an de nächsten Wochen online wëlle goen.

Als neien Schäfferot wëlle mir iech och nach eng Kéier offiziell iwwert dëse Wee Merci soen fir d’Vertrauen wat dir eis bei de Gemengewahlen entgéint bruecht hutt. Mir sinn eis bewusst dass eise Programm usprochsvoll ass, sinn awer iwwerzeegt dass mir d’Projeten „step by step“ ëmgesat kréien, trotz enger allgemeng schlechter finanzieller Situatioun déi eis hannerluecht ginn ass. Mir hunn fir d’ëischt een Emprunt vun 3,6 Milliounen € missten ophuelen fir lafend Projeten ze finanzéieren. Eis Aufgab ass elo fir mat manner Geld méi ze maachen fir d’Schold vun der Gemeng net ze iwwerstrapazéieren.

Mir freeën eis op all d’Erausforderungen!

le collège des bourgmestre et échevins

Mike POIRÉ, bourgmestre

Stefano D’AGOSTINO, échevin

Isabelle ELSÉN-CONZEMIUS, échevine

Chères concitoyennes, chers concitoyens,

Voici la toute première édition de notre « MARTIACO – de Mäerzeger Buet » ! En l’an 842, « Martiaco » était le nom officiel de notre commune. Ce nom a obtenu le plus de voix lors d’un sondage dans le cadre duquel de nombreuses autres propositions intéressantes nous avaient été soumises. Merci pour votre participation!

Nous avons beaucoup travaillé sur cette première édition et espérons que le résultat vous plaît. Notre objectif est de vous informer d’une manière aussi complète que possible sur l’actualité politique et les activités à Mertzig. En parallèle, nous sommes sur le point de finaliser le nouveau site internet de la commune que nous souhaitons mettre en ligne au cours des prochaines semaines.

En tant que nouveau collège échevinal, nous tenons à vous remercier encore de manière officielle pour la confiance dont vous nous avez témoigné lors des élections communales. Conscients que notre programme est ambitieux, nous sommes toutefois convaincus que pas à pas, nous parviendrons à réaliser les différents projets. Ceci en dépit de la situation financière relativement mauvaise que nous avons héritée – nous avons rapidement été contraints de contracter un emprunt de 3,6 millions d’euros pour financer les projets courants. Pour ne pas charger excessivement la dette communale, il est à présent de notre devoir de mieux utiliser les finances publiques pour faire plus avec moins de ressources.

Nous nous réjouissons de chaque défi!



De 9. November 2017 ass de Mike Poiré als neien Buergermeeschter, de Stefano D'Agostino als neien 1. Schäffen an d'Isabelle Conzemius als neien 2. Schäffen vun der Gemeng Mäerzeg vum Inneminister Dan Kersch vereedelegt ginn.

Le 9 novembre 2017, le ministre de l'Intérieur Dan Kersch a procédé à l'assermentation du nouveau bourgmestre de la commune de Mertzig Mike Poiré, ainsi que des échevins Stefano D'Agostino et Isabelle Conzemius.



Vereedegung vun de Gemengeconseilleren

Den 13. November 2017 sinn d'Mady Bormann-Weber, den Armaro Garcia, de Luc Weiler, de Fernando Ferreira, d'Cathy Hoffmann-Meurisse an d'Myriam Holzem-Hansen vum Buergermeeschter Mike Poiré als Conseilleren vun der Gemeng Mäerzeg vereedegt ginn.

Assermentation des conseillers communaux

Le 13 novembre 2017, Mady Bormann-Weber, Amaro Garcia, Luc Weiler, Fernando Ferreira, Cathy Hoffmann-Meurisse et Myriam Holzem-Hansen ont été assermentés par le bourgmestre Mike Poiré en tant que conseillers de la commune de Mertzig.

Photos: Pierre Levy, Gemeng Mäerzeg

LE NOUVEAU CONSEIL COMMUNAL





Mike POIRÉ
bourgmestre
mike.poire@mertzig.lu



Stefano D'AGOSTINO
échevin
stefano.dagostino@mertzig.lu



Isabelle ELSSEN-CONZEMIUS
échevine
isabelle.conzemius@mertzig.lu

Le fonctionnement

Le collège des bourgmestre et échevins se réunit aussi souvent que l'exige la prompt expédition des affaires. Les réunions ont lieu à huis clos et le bourgmestre en assure la présidence.

Les attributions

Le collège des bourgmestre et échevins est principalement chargé:

- de l'exécution des lois, des règlements et arrêtés grand-ducaux et ministériels, pour autant qu'ils ne concernent pas la police;
- de la publication et de l'exécution des résolutions du conseil communal;
- de l'instruction des affaires à soumettre au conseil communal ainsi que de l'établissement de l'ordre du jour des réunions du conseil communal;
- de l'administration des établissements communaux et du contrôle des établissements publics placés sous la surveillance de la commune;
- de la surveillance des services communaux;
- de la direction des travaux communaux;
- de l'administration des propriétés de la commune ainsi que la conservation de ses droits;
- de la surveillance des fonctionnaires, employés et ouvriers de la commune; de l'application à ces personnes des mesures qui découlent impérativement de dispositions législatives ou réglementaires en matière de congés, promotions et autres droits statutaires;
- de la garde des archives, des titres et des registres de l'état civil.



Mady BORMANN-WEBER
conseillère
mady.bormann@mertzig.lu



Fernando FERREIRA
conseiller
fernando.ferreira@mertzig.lu



Amaro GARCIA GONZALEZ
conseiller
amaro.garcia@mertzig.lu



Cathy HOFFMANN-MEURISSE
conseillère
cathy.meurisse@mertzig.lu



Luc WEILER
conseiller
luc.weiler@mertzig.lu



Myriam HOLZEM-HANSEN
conseillère
myriam.hansen@mertzig.lu

Fonctionnement

Le conseil communal se réunit toutes les fois que l'exigent les affaires comprises dans ses attributions et au moins une fois tous les trois mois. En principe, c'est le bourgmestre qui le préside.

Il ne peut prendre de résolution, si la majorité de ses membres en fonction n'est présente.

Les conseillers décident à la majorité des suffrages. En cas de partage, l'objet en discussion devra être reporté à l'ordre du jour de la séance suivante; au même cas de partage dans cette seconde séance, le bourgmestre, ou celui qui le remplace, a voix prépondérante.

Les séances sont publiques. Toutefois, pour des considérations d'ordre public ou à cause d'inconvénients graves, le conseil, à la majorité des deux tiers des membres présents, peut décider, par délibération motivée, que la séance est tenue à huis clos.

Il en résulte que tout habitant de la commune et toute personne intéressée a le droit de prendre connaissance et copie, le cas échéant contre remboursement, sans déplacement, des délibérations du conseil communal, à l'exception de celles qui furent prises à huis clos, aussi longtemps que le conseil n'a pas décidé de les rendre publiques.

Sachez que le conseil communal peut constituer des commissions consultatives qui pourront donner leur avis sur les questions qui sont de leur ressort.

Attributions

L'attribution première du conseil communal est de régler tout ce qui est d'intérêt communal. Il délibère ou donne son avis toutes les fois que ses délibérations ou avis sont requis par les lois et règlements ou demandés par l'autorité supérieure.

Le conseil est également amené à édicter les règlements communaux tels que le règlement des bâtisses, le règlement de circulation ou le règlement de police.

En outre, les conseillers nomment, révoquent et démissionnent les fonctionnaires et les employés de la commune, sous l'approbation du ministre de l'Intérieur.

Finalement, le conseil communal peut appeler les électeurs à se prononcer par la voie du référendum dans les cas d'intérêt communal et sous les conditions qu'il détermine.



Buergermeeschter- a Schäfferotserklärung vun der Gemeng Mäerzeg fir d'Mandature 2018-2023

Den 8. Oktober 2017 hu sech déi Mäerzeger Bierger däitlech fir ee politesche Wiessel ausgeschwat. De Groupement « m-team.lu » huet 7 vu 9 Mandater kritt an huet esou d'Wahle gewonnen. Déi nei Gewielten hu sech de 14. Oktober 2017 am Gemengesekretariat versammelt fir iwwert dee neien Buergermeeschter- a Schäfferot ofzestëmmen deen sech esou zesummensëtzt:

Buergermeeschter: Här Mike POIRÉ, Jurist;
Éischte Schäffen: Här Stefano D'AGOSTINO, Politolog;
Zweete Schäffen: Madame Isabelle CONZEMIUS, épouse ELSEN, Educatrice graduée.

Jiddereen ass unanime gewielt ginn. D'Reihfolge vun de Nominatiounen entsprécht esou dem demokratesche Vote vun de Wahlen vum 8. Oktober 2017.

D'Gemengeréit sinn: Madame Mady WEBER, épouse Bormann, Educatrice diplômée; Här Amaro GARCIA GONZALEZ, Schoulmeeschter; Här

Luc WEILER, Bankgestallten; Här Fernando FERREIRA, Elektriker; Madame Cathy MEURISSE, épouse HOFFMANN, Responsabel fir Ressources humaines; Madame Myriam HANSEN, épouse HOLZEM, Léierin.

D'Buergermeeschter- a Schäfferotserklärung steet ënnert dem Thema vum Neufank fir Mäerzeg. Mir proposéieren eng aner Manéier fir Politik ze maache mat virun allem engem méi korrekten Ëmgang: ënnerteneen, mat Iech, mat eisen Noperen. Zu eisen Prioritéiten gehéiert d'Modernisatioun vun der informatescher a kommunikatiounsteschnescher Struktur vun der Gemeng. De Bierger huet ee Recht regelméisseg, ausféierlech an objektiv iwwert déi politesch Aktivitéiten oder Projeten vu senger Gemeng informéiert ze ginn. De Buergermeeschter- a Schäfferot wëll och den Dialog mam Schoulpersonal erëm hirstelle fir een optimale schoulesche Kader kënnen ze schafen. Mir engagéieren eis fir eng sécher, propper a liewenswäert Gemeng. Opgrond vun der rasanter demographescher Entwécklung déi eis Gemeng déi

lescht Jore mattgemaach huet, ass et fir eis wichteg dass déi kommunal Infrastrukturen nees ugepasst ginn, grad wéi d'Gemengepersonal verstärkt muss ginn.

An enger Gemeng déi esou séier gewuess ass, sëtze mir eis an fir dass déi sozial Kohäsioun net beanträchtegt gëtt. Am Beräich vun der Inklusioun ass et fir de Buergermeeschter- a Schäfferot eng Noutwendegkeet dass d'Gemengeninfrastrukturen fir jiddwereen zougänglech gemaach ginn, och fir Persounen à mobilité réduite. Mir sëtzen eis an fir eng Gemeng déi energieteschesch um leschte Stand vun der Entwécklung ass. D'ëffentlech Gelder wëlle mir besser notzen fir mat manner méi ze maachen.

1. EE MODERNT A BIERGERNOT MÄERZEG

a. Informatioun a Kommunikatioun

Traditionell a modern Kommunikatiounsmëttel. D'Bierger sollen een einfache Kontakt zu hirer Gemeng

hunn. Nierft dem Telefon wëlle mir virun allem déi modern Kommunikatiounsmëttel wéi Internet, E-Mail, SMS (e.a. de Service sms2citizen) an déi sozial Medien mat abannen. Mir féieren eng systematesch Informatiounspolitik fir d'Bierger an. Mir kombinéieren do déi traditionell a modern Kommunikatiounsmëttel, woubäi ee neien Internetsite d'Aushängeschild vun der Gemeng soll sinn a regelméisseg iwwert Neiegkeeten a Wessenswäertes aus a vun der Gemeng informéiert. Mir loosse an deem Kontext och eng App fir Smartphones entwéckelen déi, mam Site, d'Bierger non-stop um courant hält.

Elektronesch Informatiounstafelen. Bei der Gemeng riichte mir eng elektronesch Informatiounstafel an wou all Bierger sech bequem informéiere kann. Fir wichteg Informatiounen oder Evenementer vun de Veräiner unzekënnegen, stelle mir och esou Informatiounstafelen an den Haaptgängen vu Mäerzeg op.

Report-it. Mir schafen um neien Internetsite an der App eng Rubrik

Report-it wou d'Bierger ganz einfach via Handy dem techneschen Service vun der Gemeng Mängel oder Defekter bei öffentlichen Infrastrukturen kënne matdeelen.

Chantier-Management. Zu enger Biergernoër Informatiounspolitik gehéiert och fir systematesch iwwert aktuell a bevirsteënd Chantieren ze kommunizéieren.

b. Déngscht um Bierger

Biergerbüro mat flexibelen Öffnungszäiten. D'Gemengeverwaltung soll wéi een Déngschtleschtungsbetrieb funktionnéieren an dofir als modernen Biergerbüro opgestallt gi mat méi flexibelen Öffnungszäiten wou de Bierger gängeg Verwaltungsvorgäng séier an onkomplizéiert gemaach kritt. Mir wëllen dofir, an Ofsprooch mam Gemengepersonal, méi flexibel Öffnungszäiten ubidde fir dem Bierger nach méi entgéintzekommen bei den administrativen Demarchen.

Biergerstonnen. Mir organiséiere

re regelméisseg Biergerstonne wou d'Awunner dem Buergermeeschter, respektiv dem Schäfferot, hir Suergen, Problemer a Virschléi kënne matdeelen.

Gutt forméiert Gemengepersonal. D'Gemengepersonal spillt eng wichtige Roll am Kontakt mat de Bierger, souwuel wat d'Administratioun wéi den technesche Service betrëfft. D'Gemeng soll ee fortschrëttlechen Employeur sinn an duerch nei, motivéierend Konzepter sécherstellen, dass d'Personal déi gestallt Aufgabe mat Engagement a Motivatioun ugeet an déi zur gréissten Zufriedenheet vun de Bierger erfëlle kann.

e-Mäerzeg a „Simplification administrative“. Eist Zil ass, dass d'Bierger all administrativ Ufroen an Déngschter online ausféiere kënne, souwäit daat technesch a juristes (elektro-nesch Ënnerschrëft) méiglech ass.

Online perséinlech Dokumentena-sicht. Ähnlech wéi op nationalem Plang de myguichet.lu funktionnéiert, wëlle mir och kommunal administra-



tiv Demarche méi transparent fir de Bierger gestalten. Sou kritt jiddereen elektronesch Asiicht a seng Akten an den aktuelle Stand vu senger Demande.

Kommunal Mediationsstell. Streidereien ënnert Nopere gehéiere leider och zu Mäerzeg zum Alldag. De Buergermeeschter ass an deene meeschte Fäll net zoustänneg fir do ze schlichten, ausser de kommunalen „Ordre public“ wier beträff. Fir enger Zivilklo virum Friddensriichter aus dem Wee ze goen, maache mir d'Bierger opmierksam op d'Servicer vum Centre de médiation civile et commerciale (CMCC) deen an esou Fäll déi richteg Ulaafstell ass.

c. Transparenz

Gemengerotssitzungen. All Gemen-gerotssitzungen ginn systematesch annonciert mam betreffenden Ordre du jour. Déi komplett Rapporten vun de Sitzungen sinn an engem kuerzen Delai ëffentlech.

Online Zougang zu Dokumenter. All administrativ Dokumenter (déi net dem Dateschutz ënnerleien) stelle mir onbegrenzt um Internetsite vun der Gemeng zur Verfügung.

2. SCHOUL, KANNERBETREIUNG A JUGEND

a. Een optimalen Kader schafen

Den Dialog mam Schoulpersonal erëm hirstellen. Mir bedauern et zudéifst dass zënter puer Joren ee ganz schlecht Arbechtsklima tëscht der Gemeng an dem Schoulpersonal besteet. Eng vun eisen Prioritéiten ass dëse Mëssstand ze behéieren fir der Mäerzeger Schoul an der Gemeng ee Neufank ze erméiglechen. Du-erch eng reell Kommunikatioun net nëmmen mam Schoulpersonal, mee och mam Schoulcomité an der Elter-ververtriedung soll erëm ee positivt Aarbechtsklima opgebaut ginn, dës am Intérêt vun de Mäerzeger Kanner.

D'Mäerzeger Schoul kannergerecht gestalten. Mir setzen eis an fir kannergerecht schoulech Infrastrukturen déi mir zesumme mam Schoulpersonal an all de betroffenen Acteuren iwwerdenken fir ee méi motivéierend, gesond an altersgerecht Ëmfeld ze bidden. An dëser Optik wëlle mir bei Renovatiouns- oder Neibauprojeten d'Qualitéit an d'Funktionalitéit vun den Infrastrukturen, banne wéi bausen, konsequent verbesseren.

Demografesch Entwécklung. Mir



ginn nei Weeër wann et opgrond vun der demografescher Entwécklung vun der Gemeng Engpäss ginn wat d'Gréisst vun der Schoul a vun der Maison Relais betrëfft. An aussergewéinleche Situatiounen an no Concertatioun mat de betroffene Persoune, verschléisse mir eis net géint provisoersch Infrastrukturen déi no enger flexibeler a modularer Bauweis kuerzfristeg realiséiert kéinte ginn.

Viraussetzung fir digitalen Enseignement schafen. Mir wëllen dat beschtméiglecht Léierëmfeld fir d'Schoulkanner ubidden. Dozou gehéieren eng modern Ausstattung

a genuch Informatikmaterial fir d'Schüler op d'Erausforderunge vun der haiteger Zäit virzebereeden. Déi noutwendeg Infrastrukturen an Akeef ginn an engster Zesummenaarbecht mam Schoulpersonal realiséiert, ënnert der Berücksichtigung vun de budgetäre Mëttelen.

Mam Bus an d'Schoul. Zesumme mat den Elteren a Kanner analyséiere mir ob et Sënn mécht fir zu Mäerzeg ee Schoultransport z'organiséieren mam Objektiv fir zu de Spëttestonnen am Duerfkär manner Verkéier ze hunn an also méi Sécherheet kënnen ze garantéieren.

Zesummenaarbecht tèscht Mäerze-ger Schoul, Maison Relais, Crèche, Internat a Veräiner fuerderen. Wann d'Betreiung vun engem Kand a méi Hänn läit, ass eng kohärent Zesummenaarbecht tèscht all den Acteure vu grousser Wichtigkeet. D'Aarbecht mat de Kanner virun allem an der Schoul a Maison Relais soll permanent openeen ofgestëmmt sinn. Mir wëllen och d'Zesummenaarbecht tèscht der Schoul an der Maison Relais mam Internat, de Sportsveräiner an der Mäerzeger Musek verbessern. D'Gemeng kann a soll hei d'Roll vum Vermëttler iwwerhuelen.

Mini-Mäerzeg. Mir wëlle gemeinsam Initiative vum Léierpersonal an de Kanner ënnerstëtzen, z.B. bei der Gestaltung an Ëmgestaltung vu Schoul- a Fräitzäitinfrastrukturen. Zil dovun ass ee Mini-Mäerzeg ze schafen wou d'Kanner op eng spilleresch Art a Weis léieren, Verantwortung z'iwwerhuelen an d'Erausforderunge vum Alldag am Beruff an am Gemengeliewen kennenzelëieren.

Méi flexibel Öffnungszäiten vun der Maison Relais an der kommunaler Crèche. Bei Bedarf setzen mir eis an, an Ofsprooch mam zoustännegen Personal, fir méi laang Öffnungszäiten an der Maison Relais a kommunaler

Crèche anzeféieren fir der Demande vun Elteren déi z.B. op Schichte schaffen, nozekommen.

Gesond a regionaalt Iessen an de Betreuungsstrukturen. Mir garantéieren dass weiderhin am Schoulrestaurant vun der Mäerzeger Maison Relais kanner- an altersgerecht Ernährung aus virun allem regionale Produiten zerwéiert gëtt. Am normale Schoulbetrib leeë mir dernierft och vill Wäert op regelméisseg Aktiounen wéi „Schoulmëllech“ a „Schouluebst“ déi eng wichteg ernährungserzéieresch Roll fir d'Kanner erfëllen.

Oppe Betreuungsstrukturen. An Ofsprooch mam zoustännegen Personal wëlle mir d'Betreuungsstrukturen esou organiséieren, dass si och vun Elteren déi hir Kanner doheem versueren als Kontakt- an Ulaftstell an Utsproch därefer geholl ginn. Mir wëllen an deem Zesammenhang eng Vermëttlerroll iwwerhuele fir agreéiert Dagesmammen a Babysitter ze proposéieren.

„Jonk begéint Al“. Mir bedauern dass zu Mäerzeg keen traditionellt Altersheem méi ass. Fir d'Lach tèscht zwou oder esouguer méi Generatiounen ze schléissen, wëlle mir awer d'Betreuungsstrukturen an d'Internat encouragéieren fir gemeinsam Aktivitéiten mat den eelere Matbierger

z'organiséieren. Och do kann a soll d'Gemeng eng Vermëttlerroll iwwerhuelen.

b. D'Mäerzeger Jugend

„Jugendgemengerot“. Mir wëllen dass d'Jugend sou wäit wéi méiglech an Decisiounsprozesser, déi si direkt uginnt, mat agebonnt ginn. Eng Delegatioun vun der Jugend, ee sougenannte „Jugendgemengerot“ soll dofir regelméisseg dem Schäffen- a Gemengerot iwwert eventuell Problemer a Wënsch vun der Mäerzeger Jugend rapportéieren. D'Iddien an d'Virschlëg ginn an engem Jugendkommunalplang festgehal fir kuerz- a mëttelfristeg ëmgesat ze ginn.

Jugendaarbecht vun de Veräiner fuerderen. Eis Sport- a Kulturveräiner spillen eng immens wichteg Roll am Beräich vu Kanner- a Jugendbetreuung. Mir wëllen dës Leeschtungen duerch e gerechten Subsid unerkennen. D'Käschten déi d'Veräiner am Beräich vun der Aus- a Weiterbildung vum Betreuungspersonal hun sollen och finanziell vun der Gemeng honoréiert ginn.

Finanziell Ënnerstëtzung vun der Late Night Bus Norden Asbl. Mir ënnerstëtze weider d'Late Night Bus Norden Asbl déi virbildlech de séche-

ren Transport vun de Jugendlechen op verschidden Evenementer duerch de ganzen Norden koordinéiert.

Kultur an Infrastrukturen. D'kulturell Offer däreft de jonke Public net vergiessen. Mäerzeg huet eng Jugendzeen déi mir ënnerstëtze wëllen. Existente Infrastrukturen mussen méi accessibel gemaach gi fir déi Jonk (z.B. Terrain am Park beim ale Schoulgebai), och ausserhalb vun de Schoulstonnen. Iwwert de Jugendkommunalplang setzen mir eis gemeinsam Ziler fir d'Gemeng nach méi attraktiv ze maachen.

Aktiv an engagéiert fir eis Jugend. An Zesummenaarbecht mat der Nordstadjugend Asbl déi d'Mäerzeger Gemeng finanziell ënnerstëtzt, wëlle mir de Jugendlechen am Duerf Projete, Aktivitéiten a Workshoppe zu deenen ënnerschiddlechsten Themen ubidden (Kultur, Sport, Aarbechtswelt, Präventioun, Informatioun, asw.).

3. ZU MÄERZEG LIEWEN, WUNNEN A SCHAFFEN

a. Liewen a wunnen

Nohalteg Entwécklung. Fir eis Gemeng nohalteg a kohärent ze plangen, wëlle mir an engem méi

partizipativem Prozess d'Bierger an d'Projeten a Pläng abannen: Verkéiersregelung, Amenagement vun öffentlechen Plazen, Tréppel- a Velosweeër, Vernetzung mat de Nopeschgemengen, Schutz an Erhalt vu prägenden Infrastrukturen, Astandsetzung vu Stroossen, asw.

Gring Plaze beim Amenagement vum öffentleche Raum. Fir d'Liewens- a Wunnqualität zu Mäerzeg ze erhalen an ze verbessern soll d'Natur net vernoléisseg ginn. Mir sinn net géint de sougenannte „Fauchage tardif“ wéi e schon eng Zäit zu Mäerzeg ëmgesat gëtt, sinn awer der Meenung dass dës Method op öffentlechen visibele Plazen (z.B. d'Spillplazen) net déi adequat Léisung ass well se awer dacks d'Bild vun enger net propperer Gemeng erëmgëtt.

Verkéiserssécherheet. Trotz dem Aféiere vun Tempo 30 a ville Stroossen vun der Gemeng, si vill Automobilisten nach ëmmer onverantwortlech ënnerwee. Mir sichen dofir no anere Moyenen fir dass d'Vitesse an dës Stroosse ka respektéiert ginn. Fir virun allem d'Schoulweeër méi sécher ze maachen iwwerpréife mir allgemeng d'Zebrastreifen am Duerf a maachen déi méi visibel fir d'Autosfuerer op oniwiersichtlechen Plazen. An neie Wunngebiddere wëlle

mir och d'geziilt Ëmsetzung vu sougenannte verkéisersrouege „Spillstroossen“ iwwerpréifen. Op CR-Stroossen wou d'Gemeng net direkt d'Kompetenz huet z'intervenéieren, huele mir d'Initiativ fir mam zoustännege Ministère no Léisungen ze siche fir dës Stroosse méi sécher ze maachen. Fir géint onverantwortlech Verhalen op der Strooss an och op öffentleche Parkinger virzegoen, verstärke mir de Kontakt mam zoustännege Policekommissariat fir regelméisseg präventiv Kontrollen duerchzeféieren.

Mobilitéit verbessern. An Zesummenaarbecht mat der lokaler Bus-Entreprise a fir d'Mobilitéit vun de Mäerzeger Awunner, virun allem de Senioren, ze verbessern, féiere mir ee sougenannte Ruffbusmodell an. Dat soll och de Jugendlechen erlaben hire Fräizäitaktivitéiten ouni Aschränkung kënnen nozegoen, ouni op d'Elteren ugewisen ze sinn.

b. Schaffen

D'Betriben am Duerf. Mir ënnerstëtzen déi lokal Mäerzeger Entrepreneuren a maachen hinnen d'Liewen duerch Iwwerreglementatiounen net méi schwéier. Am korrekten Dialog siche mir zesummen no beschtméigleche Léisungen fir d'Problemer déi sech am Alldag kënnen stellen. Bei de Ge-

mengentaxen wëlle mir méi geziilt op déi spezifesch Bedürfnissen vun der Landwirtschaft an de Betriben agoen.

D'Mäerzeger Industriezon. Am enke Kontakt mat der Laach9166 Asbl déi sech fir d'Intressen vun de Betriben an der Industriezon asetzt, schafe mir ee Konzept aus wat et de schon etabléierten Entrepreneuren erlaabt sech auszebauen an nei Aktivitéiten unzezeien, ouni dobäi d'Liewensqualität vum Duerf ze beaflossen.

Sozial- a Solidarwirtschaft ënnerstëtzen. Mir ënnerstëtzen an encouragéieren privat Initiativen déi z.B. Gemeinschaftsgäert realiséieren oder an erneierbar Energien investéieren. Mir wëllen an deem Kontext Parrainagen fir öffentlech Gringflächen erméiglechen, sou dass sech Bierger oder Entrepreneuren an Zukunft op Wonsch ëm d'Beplanung vun öffentlechen Gringflächen an hirer Strooss oder virun hirer Dier bekëmmere dierfen.

c. Fräizäitoffer

Kulturschafend Mäerzeger aktiv fuerderen. Mir setzen eis dofir an, dass Kënschtler aus eiser Gemeng Raimlechkeeten an Infrastrukturen zougängelech gemaach kréien, fir dass si hierer kënschtlerescher Aktivitéit kënnen nogoen. Mir wëllen de

lokalen a regionale Kënschtler och d'Méiglechkeet ginn hir Wierker an der Gemeng auszustellen.

Veräiner ënnerstëtzen. D'Mäerzeger Gemeng soll d'Veräiner weider beschtméiglech finanziell ënnerstëtzen.





zen. Fir sozial méi schwach Familien entgéintzekommen, iwwerpréifen mir allerdings déi kommunal Subside fir se no sozialen Kritären ze adaptéieren.

Fräizäitsport fir Jonk an Aal. Mir

wëlle de Fräizäitsport an eiser Gemeng fuerderen. Vill Sportler sinn net onbedingt a Sportsveräiner engagéiert. Dofir sollen zu Mäerzeg Fräifläche fir Sport a Spill ugeluecht ginn. Dozou gehéieren och d'Beschëlderung vu Spadséierweeër, Lafstrecken, Velos- a Mountainbikesweeër. An Zesummenaarbecht mam zoustännegen Ministère a mat de Nopeschgemengen soll d'Gemeng Mäerzeg och un de nationale Réseau vun de Circuits auto-pédestres an de Velosweeër ugeschloss ginn.

Fräizäitaktivitéite fir Senioren. Mir ënnerstëtzen d'Mäerzeger Seniore beim Organiséieren a bei der Ëmsetzung vu kulturellen a sportlechen Fräizäitaktivitéiten op lokalem a regionalem Niveau.

Privatinitiativen fuerderen. Mir wëlle Privatinitiativen déi zu engem méi attraktive kulturellen Duerfliewe bäidroen finanziell a materiell duerch d'Zurverfügungstelle vu kommunalen Infrastrukturen fuerderen. Mir stellen eis do z.B. d'Organisation vun engem Museks- oder Konschtfestival vir. Avis aux amateurs!

4. EE SÉCHERT, PROPPERT, GERECHT A LIEWENSWÄERT MÄERZEG

a. Sécherheet

D'Mäerzeger Pompjeeën. De Mäerzeger Pompjeescorps ass méi wéi just ee Gemengeservice. All eenzelne Pompjee verdingt de Respekt vun der Gemeng a sengen Awunner fir säi fräiwëllegen Engagement, zumools elo wou de First Responder System agefouert gouf wou d'Pompjeeën eng éischt medizinesch Betreierung garantéiere bis zum Antreffen vun enger Ambulanz, respektiv dem Samu. D'Gemeng soll een zouverlässege Partner sinn wann et drëms geet Sensibiliséierungscampagnen am preventive Brandschutz z'organisieren, Equipement ze beschafen, finanziell Hëllef ze garantéieren, asw. Och bei der zukünftiger Reform vun de Rettungsdéngschter bleibt d'Gemeng ee gläichberechtigte Partner fir d'Entscheidung matzedroe wat d'Sécherheet vun de Mäerzeger Leit betrëfft a fir de Pompjeescorps mat deem dofir noutwendegen Equipement auszerüsten.

Wanterdéngscht. Zesumme mam Service technique vun der Gemeng iwwerpréife mir wéi de Wanterdéngscht optimiséiert ka ginn. Mir zielen awer och op d'Verständnis vun de Bierger wann an extreme Fäll de Service net nokomme kann. D'Aféierung vum Report-it kann hei eng

grouss Hëllef sinn.

Verstäerkt Zesummenaarbecht mat der Police. Wéi fir d'Verkéiserssécherheet, striewe mir eng verstärkt Zesummenaarbecht mat der Police un fir de Bierger ee méi grousst Sécherheetsgefill ze vermëttlen fir präventiv géint stroferechtlech Aktivitéiten (z.B. Abréch, Vandalismus, illegal Müllentsuergung, asw.) virzegoen.

b. Propretéit

Ee proppert Mäerzeg. An Ofsprouch mam technesche Service vun der Gemeng, mat Sensibiliséierungscampagnen a mam gudde Wëlle vun de Bierger, striewe mir ee permanent proppert Mäerzeg un op dat seng Awunner houfreg kënnen sinn. Dëst beinhalt méi Gringflächen a Blumenarrangementer am Duerfkär a bei den Haaptgemengeninfrastrukturen. D'Aféierung vum Report-it erlaabt eis och hei dem Zil vum proppere Mäerzeg méi nozekommen.

c. Integratioun

Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch stäerken. D'lëtzebuergesch Sprooch ass fir eis een zentraalt Element fir auslännesch Matbierger

z'integréieren. Dofir wëlle mir déi kommunal a regional Offer u lëtzebuergesche Sproochecourse zesummen mat eise Partner konsequent ausbauen.

Welcome-Treffen. Nei Mäerzeger Awunner wëlle mir vun Ufank un iwwert d'Gemeng, hir Aktivitéiten an d'Veräiner informéieren. Mir organiséieren dofir, an Zesummenaarbecht mat enger neier „Commission d'accueil“, regelméisseg Welcome-Treffen fir déi nei Leit an hirer neier Heemecht willkomm ze heeschen.

Parrainage. D'Bierger sollen d'Méiglechkeet kréien, ee Parrainage iwwert een oder méi „Nei-Mäerzeger“ z'iwwerhuelen fir esou z.B. bei administrativen Ofleef ze hëllefen oder fir hinnen d'Gemengeliwe méi no ze bréngen. Parrainage tëschent Lëtzebuerger a Net-Lëtzebuerger sollen et den auslännesche Matbierger erméiglechen d'Lëtzebuerger Sprooch méi einfach ze léieren (parrainage linguistique). D'Gemeng oder d'Integratiounskommissioun soll hei eng Vermëttlerroll iwwerhuelen.

„Veräinsdeeg“. D'Veräiner spillen déi wichtegst Roll fir d'Mäerzeger Duerfliewen. Mat Schnuppercoursen a regelméisseg „Veräinsdeeg“ kënnen nei Awunner besser integréiert ginn.

A Villfalt gëeent. Mir ginn der kommunaler Integratiounskommissioun déi néideg Mëttele fir Aktivitéiten z'organiséieren déi di verschidde Nationalitéiten am Duerf méi no an zesumme bréngen.

d. Inklusioun

Design for all: kommunal Infrastrukturen inklusiv renovéieren a plangen. Et ass fir eis eng Selbstverständlechkeet dass nei kommunal Infrastrukturen vun Ufank un esou geplangt solle gi fir dass se vu jidder Bierger ouni Barrière, d.h. behënnertegerecht, benotzt kënnen ginn. Bei de besteeënde Gemengeninfrastrukturen ass een enormen Nohuelbedarf néideg: mir wëllen dofir endlech Aarbechten um Gemengenhaas virhuelen fir dëst fir all Matbierger accessibel ze maachen. Déi selwecht Iwwerleeungen gëlle fir d'Schoulgebaier, d'Trottoiren an d'Buedembelag op den Zebrasträifen.

Inklusioun fir jiddereen. Inklusiv soll eis Gemeng och sinn, wann et drëms geet, d'Kanner aus dem Internat Sainte-Marie an d'Awunner vun der Wunnstruktur déi vun der Op der Schock Asbl geréiert gëtt mat an d'Gemengenaktivitéiten anzebannen.

e. Sozial a gerecht

Eng Gemeng fir jiddereen. D'Gemeng Mäerzeg soll fir d'Leit aus all de soziale Schichten accessibel sinn. Déi kulturell Mixitéit dréit zur sozialer Kohäsioun vum Duerf bäi. Mir setzen eis dofir fir de Bau vu weidere soziale Wunnungen an. Mir sti fir ee qualitative Wuesstum dee net op wëller Immobilienspekulatioun berout.

Office social Nordstad (OSNOS).

Mir wëlle sozial schwach Famille besser iwwert d'Hëllefsméiglechkeete beim OSNOS informéieren.

Demokratiséierung vu Sport a

Kultur. De sozialen Hannergrond soll keng Barrière si fir Sport a Kultur am Duerf. Ënnert bestëmmte Konditiounen kënnen Jonker aus sozial schwache Famillen een Deel vun der Veräinsko-tisatioun iwwerholl kréien.

f. Gesondheet

Liewensqualitéit. Mir wëllen de Mäerzeger Leit genuch Méiglechkeeten ubidden fir sportlech Aktivitéiten ze bedreiwen.

Besser informéieren. D'Gemeng Mäerzeg soll an d'Zukunft och am Beräich vum Gesondheitswiesen a vum Ëmweltschutz informéieren a sensibiliséieren, dëst an Zesummenaarbecht mat de Spezialisten aus de verschidde-ne Beräicher.

Haushalt ouni Pestiziden. Mir wëllen d'Bierger op d'Konsequenze vu Pestizide fir d'Natur a fir d'Gesondheet vum Mënsch opmierksam maachen an iwwer alternativ Weeër informéieren. Pestizidfräi Blumme sollen dem Kampf géint d'Aussterwen vun de Beien bäidroen.





5. EEN ENERGIEEFFIZIENT AN EMWELTFRÉNDLECHT MÄERZEG

a. Energieeffizienz

Erneierbar Energie. D'ëffentlech Hand soll Virbild bei der Notzung vun erneierbarer Energie sinn. Mir

wëllen dofir d'Gemengeninfrastrukture kuerz- a mëttelfristeg op nohalteg Energie ëmrüsten.

Stroossebeliichtung energetesch verbessern. Ee groussen Deel vum Stromverbrauch vun der Mäerzeger Gemeng geet op d'Stroossebeliichtung zrëck. Mir schafen ee neit Konzept fir no a no de Stromverbrauch duerch energieeffizient a modern Liichtmëttel rofzesetzen.

Ëffentlech Ausschreibungen opgrond vu Nohaltegkeetscritèren. Bei der Preparatioun vun ëffentlechen Ausschreibungen leeë mir kloer Richtlinne fest déi d'Critèren Nohaltegkeet, Ëmweltbelaaschtung, Waasserverbrauch an Energieeffizienz berücksichtigen.

b. Natur an Ëmwelt

Landwirtschaft a Landschaftsfleeg gehéieren zesummen. Zesumme mat de lokale Bauerebetriber an dem spezialiséierte Naturschutzsyndicat SICONA (Syndicat intercommunal pour la conservation de la nature) setze mir eis fir eng aktiv Landschaftsfleeg an. Mir wëllen de Respekt virun der Natur an der Aartevillfalt, respektiv d'Erhalen an d'Schafe vu natierleche Liewensraim verbessern.

Héich Waasserqualitéit garantéieren.

An enker Zesummenaarbecht mam zoustännegen interkommunale Syndikat DEA (Distribution d'eau des Ardennes) an dem Waasserwirtschaftsamt, wëlle mir konsequent d'Drénkwaasserqualitéit verbessere fir och dee regelméisseg lästige Chlor-Geroch am Waasser z'eliminieren. De geplangte Report-it kann och hei eng grouss Hëllef fir de Service technique sinn. Parallel dozou publizéiere mir regelméisseg déi obligatoresch Waasseranalysen. Mir huelen och déi néideg Investitiounen vir fir de Schutz vun de Quellen a vum Grondwaasser ze garantéieren.

Entsuerung a Klärung vun den Ofwässer. D'Gemeng Mäerzeg ass zënter 2002 Member vum interkommunalen Ofwaasser-Syndikat SIDEN (Syndicat intercommunal de dépollution des eaux résiduaires du Nord). Enorm Investitiounen sinn déi lescht zing Joer an d'Ofwaasserinfrastrukture gemaach ginn. Mir engagéieren eis, an enkem Kontakt mam SIDEN, fir ee konsequente Suivi ze maache fir den Ënnerhalt vun dësen Infrastrukturen, virun allem d'Reeniwwerlaafbecken.

Reewaassernotzung optiméieren. Bei Sanéierungen a Neibauten vu kommunalen Infrastrukture, wëlle mir Reewaassernotzungssystemer aplange mat deenen z.B. Sanitäranlage

waasserspuerend bedriwwen kënne ginn.

Offallentsuerung. An Zesummenaarbecht mam SIDEC (Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets) striede mir eng Optimiséierung vun der Offallentsuerung un. D'Bierger sollen an deem Kontext och méi sensibiliséiert an informéiert gi fir eng systematesch a korrekt Mülltrennung ze maachen.

Edukatioun. D'Gemeng soll och een zouverlässege Partner si wann et drëms geet emweltfrëndlech Sujeten an der Schoul oder an de Betriebsstrukturen ze thematiséieren. Mir wëllen do z.B. Aktiounen wéi d'Planze vun Hecken oder Beem logisteschem a finanziell ënnerstëtzen.

6. GESOND GEMENGEFINANZEN

Regelméisseg Screenings. Wéi an engem Stot kann och eng Gemeng net méi Suen ausgi wéi si zur Verfügung huet. Mir wälze Problemer net op déi kommend Generatiounen of. Mir setzen op kohärent Prospektiounen mat kloer Prioritéiten fir d'Scholdelaascht vun der Gemeng net iwwerzestrapazéieren. Duerch regelméisseg Screenings wëlle mir

méi Effizienz bei den Ausgaben errechen an zousätzlech Raim fir nei Politiken oder Investitioune schafen.

**Alternativ Finanzéierungsmodel-
ler.** Mir analyséiere bei zukünftigen Infrastrukturprojeten d'Méiglechkeet, de Finanzement zesumme mat privaten Entreprises, intresséierte Bierger oder mat Hëllef vun alternative Finanzéierungsmodeller ze realiséieren (Public Private Partnership, Crowdfunding, asw.).

Märzeg, den 5. Dezember 2017.

Mike POIRÉ
Buergermeeschter

Stefano D'AGOSTINO
Éischte Schäffen

Isabelle CONZEMIUS
Zweete Schäffen



Déclaration du collège des bourgmestre et échevins de la commune de Mertzig pour la mandature 2018-2023

Le 8 octobre 2017, les citoyens de Mertzig se sont prononcés clairement pour un changement politique dans leur commune en attribuant sept mandats sur neuf au groupement politique « m-team.lu » qui a ainsi remporté les élections. Les nouveaux élus se sont réunis le 14 octobre 2017 au secrétariat communal pour procéder à la formation du nouveau collège des bourgmestre et échevins qui se compose comme suit :

Bourgmestre : Monsieur Mike POIRÉ, juriste ;

Premier échevin : Monsieur Stefano D'AGOSTINO, politologue ;

Deuxième échevin : Madame Isabelle CONZEMIUS, épouse ELSÉN, éducatrice graduée.

Tous ont été élus à l'unanimité. L'ordre des nominations reflète ainsi le vote démocratique du scrutin du 8 octobre 2017.

Les conseillers communaux sont : Madame Mady WEBER, épouse Bormann, éducatrice ; Monsieur Amaro GARCIA GONZALEZ, instituteur ; Monsieur Luc WEILER, employé de

banque ; Monsieur Fernando FERREIRA, électricien ; Madame Cathy MEURISSE, épouse HOFFMANN, responsable des ressources humaines ; Madame Myriam HANSEN, épouse HOLZEM, institutrice.

La déclaration du collège des bourgmestre et échevins figure sous le thème du renouveau pour Mertzig. Nous proposons une autre façon de faire de la politique, surtout en ce qui concerne nos rapports : entre nous, avec vous, avec nos voisins.

Parmi les priorités figure notamment la modernisation de la structure informatique et communicationnelle de la commune de Mertzig pour la rendre plus proche de ses citoyens. Le collège des bourgmestre et échevins entend également rétablir le dialogue avec le personnel enseignant, en vue de la création d'un cadre scolaire optimal. Il s'engagera pour une commune sûre, propre, juste et assurant une grande qualité de vie. Il est primordial que les infrastructures et le personnel soient à la hauteur de la forte croissance démographique qu'a connue la commune au cours des dernières décennies.

Dans une commune qui a tant grandi, il est essentiel d'œuvrer au renforcement de la cohésion sociale. En matière d'inclusion, le collège échevinal juge indispensable de rendre les infrastructures communales accessibles à tout public, y compris aux personnes à mobilité réduite. Nous œuvrons également pour une commune efficiente sur le plan énergétique et respectueuse de l'environnement, et qui dispose de finances publiques saines.

1. MERTZIG: UNE COMMUNE PLUS MODERNE ET PLUS PROCHE DE SES CITOYENS

a. Information et communication

Outils de communication traditionnels et modernes. Le contact entre les citoyens et leur commune doit être simple. Mise à part le téléphone, nous voulons utiliser davantage les outils de communication modernes, tels qu'internet, E-mail, SMS (p.ex. le service sms2citizen) et les réseaux sociaux. Nous mettrons en place une politique d'information systématique aux citoyens, qui combinerà les outils de communication modernes et

traditionnels. Ainsi, nous prévoyons qu'un nouveau site internet, fournissant des informations sur toutes les actualités de notre commune, devienne la carte de visite de notre village. En parallèle, une application pour téléphones mobiles sera mise en place, afin de garantir que toute information arrive directement à destination des citoyens.

Panneaux électroniques d'information. Une borne informative sera installée auprès de l'administration communale, permettant à chaque citoyen de se tenir informé des actualités communales. En outre, et afin d'informer les citoyens à propos d'événements importants concernant la commune et de les tenir au courant sur les activités des clubs et associations, nous prévoyons l'installation de panneaux électroniques d'information aux entrées principales de Mertzig.

Report-it. Afin que les citoyens puissent, via leur téléphone portable, ou à travers le site internet, à tout moment communiquer au service technique un défaut ou manque lié

à une infrastructure publique, une application/rubrique Report-it sera mise en place sur le site internet de la commune.

Gestion des chantiers. Une communication systématique sur des chantiers actuels et futurs dans la commune sera garantie.

b. Services au citoyen

Heures d'ouverture des services communaux plus flexibles. Chaque citoyen doit avoir la possibilité d'effectuer ses démarches administratives d'une manière simple et rapide. Ainsi, notre intention est, après concertation avec le personnel communal, d'augmenter la flexibilité des horaires d'ouverture hebdomadaire des services administratifs.

Heures de consultation pour citoyens. Nous prévoyons d'organiser régulièrement des « heures de consultation pour citoyens », leur permettant de transmettre leurs préoccupations et suggestions au bourgmestre, respectivement aux membres du collège échevinal.

Personnel communal bien formé. Le personnel communal administratif et technique joue un rôle important dans le contact avec le citoyen. La

commune doit être un employeur moderne et garantir, à travers des concepts motivants, que le personnel puisse accomplir ses tâches avec engagement et à la plus grande satisfaction des citoyens.

e-Mertzig et simplification administrative. Tout en respectant les aspects juridiques et techniques tels que la signature électronique de documents, nous voulons permettre aux citoyens d'effectuer une grande partie de leurs démarches administratives via un service online.

Consultation en ligne de documents personnels. Afin de garantir au citoyen toute transparence concernant ses dossiers ou démarches administratifs, nous prévoyons de mettre en place un service similaire à la plateforme nationale myguichet.lu. Ce système devrait lui permettre de consulter électroniquement et à tout moment le statut actuel de ses dossiers.

Médiation communale. Les conflits de voisinage font également partie de la vie quotidienne de Mertzig. Dans la plupart des cas, le bourgmestre n'est pas compétent pour y arbitrer, à moins que l'ordre public communal ne soit troublé. Afin d'éviter une action civile au juge d'instruction, nous voulons à l'avenir diriger les citoyens

vers les services du Centre de médiation civile et commerciale (CMCC), compétent pour gérer ce genre de situations.

c. Transparence

Séances publiques du conseil communal. Toutes les séances du conseil communal (avec leur ordre du jour) seront systématiquement annoncées, et les rapports complets seront publiés en ligne dans un délai court.

Accès en ligne aux documents. Tous les documents administratifs (qui ne sont pas soumis à la protection des données) seront mis à la disposition des citoyens sur le site internet de la commune.

2. ÉCOLE, STRUCTURES D'ACCUEIL POUR ENFANTS ET JEUNESSE

a. Créer un cadre optimal

Rétablir le dialogue avec le personnel scolaire. Étant donné que, depuis plusieurs années, la relation de travail entre la commune et le personnel scolaire s'est dégradée, une de nos priorités consiste à résoudre cette situation pour permettre à l'École de Mertzig et à la commune d'entamer ensemble un





nouveau départ. Dans l'intérêt des enfants de Mertzig, il est primordial de rétablir un bon climat de travail entre les différents acteurs de l'enseignement (personnel enseignant, comité d'élèves, représentation des parents d'élèves) et les membres du collège des bourgmestre et échevins et du conseil communal.

Adapter l'École de Mertzig aux besoins des enfants. Afin de créer un environnement de travail motivant, sain et adapté aux besoins des enfants, des projets de rénovation ou de nouvelles constructions seront entamés avec tous les acteurs concernés : les infrastructures scolaires seront tout d'abord examinées, dans le but d'améliorer la qualité et la fonctionnalité de celles-ci, tant à l'extérieur qu'à l'intérieur.

Évolution démographique. En raison de l'évolution démographique de la commune, il est indispensable de se préoccuper de la taille de certaines infrastructures comme la Maison Relais ou l'École de Mertzig. Pour y remédier, et après concertation des acteurs concernés, nous n'excluons pas la mise en place d'infrastructures flexibles et modulables.

Enseignement digital. Nous devons permettre à nos enfants d'être éduqués dans les meilleures conditions possib-

les. Un équipement scolaire moderne, notamment en matériel informatique, doit permettre aux élèves d'être préparés aux défis contemporains. Tout en tenant compte des contraintes budgétaires, les travaux d'infrastructure et les acquisitions futures nécessaires seront réalisés en coopération étroite avec le personnel enseignant.

Ramassage scolaire. Afin de réduire le trafic au cœur du village pendant les heures de pointe, nous envisageons d'organiser, après analyse avec parents et élèves, un bus de ramassage scolaire.

Promouvoir la coopération entre École, Maison Relais, Crèche, Internat et associations. L'encadrement d'un enfant réside souvent dans les mains de plusieurs acteurs (scolaires, parascolaires et/ou associatifs). Afin de garantir une bonne coordination entre École, Maison Relais, Crèche, Internat, associations sportives et culturelles de Mertzig, nous devons renforcer la coopération entre ceux-ci, en jouant un rôle d'intermédiaire.

Mini-Mertzig. Nous tenons à soutenir les initiatives communes du personnel enseignant et des enfants, comme par exemple la conception et transformation des infrastructures scolaires et de loisir. Dans ce contex-

te, nous voulons mettre en place le Mini-Mertzig, un concept permettant aux enfants d'apprendre, à travers le jeu, à prendre leurs responsabilités et à connaître les défis quotidiens de la vie communale et professionnelle.

Flexibilisation des horaires d'ouverture de la Maison Relais et de la Crèche communale. Afin de répondre à la demande de parents ayant des horaires de travail variés, nous envisageons de prendre contact avec les responsables de la Maison Relais de Mertzig et de la Crèche communale, en leur demandant de flexibiliser davantage les horaires d'ouverture de celles-ci.

Alimentation saine et régionale dans les structures d'accueil. Nous nous engageons à ce que le restaurant scolaire de la Maison Relais continue à servir une nourriture adaptée à tout âge et basée principalement sur des produits régionaux. Ainsi, il est important de maintenir des actions régulières d'éducation alimentaire, telles que « lait ou fruits à l'école ».

Des structures d'accueil ouvertes. Les structures d'accueil actuelles doivent également devenir, après concertation du personnel concerné, le point de contact et de conseil pour les parents qui gardent leurs enfants

à domicile. Dans ce contexte, nous voulons jouer un rôle d'intermédiaire entre ces parents et les structures d'accueil en tenant à jour une liste de nourrices et baby-sitter agréé(e)s dans notre commune et environs.

« **Les jeunes à la rencontre des plus âgés** ». Bien qu'il n'existe malheureusement plus de maison de retraite traditionnelle à Mertzig, il est important qu'aucune génération ne se sente exclue. De ce fait, nous voulons encourager les structures d'accueil et l'Internat à organiser des activités communes entre jeunes et personnes plus âgées.

b. Les jeunes de Mertzig

Conseil communal des jeunes. Afin d'intégrer les jeunes dans des processus de décision qui les concernent, nous voulons mettre en place une délégation de la jeunesse. Ce « conseil communal des jeunes », a but pour but de présenter aux représentants communaux d'éventuels problèmes et désirs des jeunes à Mertzig. Leurs idées et propositions seront intégrées dans un plan communal pour la jeunesse, afin d'être mises en œuvre à court et moyen terme.

Encadrement des jeunes dans les associations. Nos associations cultu-

relles et sportives ont un rôle extrêmement important en matière d'encadrement des enfants et des jeunes. Afin de reconnaître cet engagement, nous voulons garantir aux associations un apport financier juste. Ainsi, les clubs doivent pouvoir compter sur un soutien de la commune concernant les frais de formation du personnel d'encadrement.

Soutien financier de la Late Night Bus Norden Asbl. Nous continuons à soutenir la Late Night Bus Norden Asbl qui coordonne d'une manière exemplaire le transport des jeunes vers différentes manifestations dans le Nord du pays.

